
# *Mission 2, part 1 & 2*

## *TYPEsch lëtzebuergesch!*

ADOBE SKETCH, PROCREATE
& ART SET PRO Apps











### *Wat musst dir maachen?*

a. Ee Sprechwuert eraussichen an, an de Comments vum Classroom Post, Bescheed soen: jiddereen muss een anert Sprechwuert hunn!

b. Op engem DinA4 Blat eng Zeechnung maachen, wou d' Sprechwuert an enger geometrescher Form, an 3 bis maximal 5 Zeilen, an an 3 ( fir 3 Zeilen) bis maximal 5 (fir 5 Zeilen) ënnerschiddleche Typographien gestalt. Keep it simple![1]
D'Foto vun der Zeechnung um Classroom ofginn.

c. An der PROCREATE, ADOBE SKETCH oder ART SET PRO App een Dokument opmaachen an d'Format/de Pabeier jee no deem wéi eng Form är Zeechnung huet - auswielen.

d. ËnnerschiddlechTools sichen an ausprobéieren, fir dann duerno een faarwegen, abstrakten Hannergrond

[1] Inspiratiounsquellen: www.dafont.com, Stechwuert « Letterpress » an/oder "Blackboard Typographie" fir Internetrecherchen.

iwwert dat ganzt Format ze gestalten (ouni eidel/wäiss Flächen). Erlaabt ass: allméiglech Experimenter!

e. Soubal den Hannergrond fäerdeg ass, d'Dokument folgend als JPEG exportéieren:

- PROCREATE: aus dem Projet raus, zréck an d'Galerie, op « PARTAGER » uewe rechts klicken, de Projet eraussichen an als JPEG späicheren.
- ADOBE SKETCH: am Projet selwer bleiwen an uewe rechts op d'Symbol « EXPORT » (Këscht mat Feil), dann op « IMAGE » klicken. D'Bild ass dann an der Fotosgalerie.
- ART SET PRO: aus dem Projet raus, zréck an d'Galerie, an ënne rechts op d'Symbol « EXPORT » (Këscht mat Feil) klicken. D'Bild ass dann an der Fotosgalerie.

f. Um Classroom ofginn mat engem Comment, wou gesot gëtt, a wat fir enger APP den Hannergrond gestalt ginn ass.

Soubal mer d'Hannergrënn an d'Typographiesskizzen all hunn kenne mer am Cours alles an der App GRAPHIC zesummen vectoriséieren (2.Deel vun der Missioun).

***Fir déi, déi nach méi wëllen…***

- Probéiert der 3 App'en aus, a maacht 3 ënnerschiddlech Hannergrënn.
- Huelt an der ADOBE SKETCH an an der PROCREATE APP fir all Brushes, Faarwen an Effekter ënnerschiddlech Layers (« calques ») andeems der op « + » klickt. Sou kennt mat Transparenzen, Iwwerschneidungen, Gréisstevariatiounen experimentéieren!
- Spillt är JPEG Biller duerch aner APP a setzt Filteren drop!

***Vill Spaass!***